SÉANCE 11

JEUDI,
3 DÉCEMBRE 2009

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010 (suite)

- *Exposé de M. Luc Frieden, Ministre des Finances*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Jean-Marie Halsdorf et Marco Schank, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir héieren dann elo den Exposé vum Här Finanzminister Luc Frieden iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2010. Den Här Finanzminister Luc Frieden huet d'Wuert.

6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010 (suite)

Exposé de M. Luc Frieden, Ministre des Finances

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, de Budget 2010 gëtt hei am Parlament diskutéiert an enger Zäit, déi wirtschaftlech, sozial a finanziell keng einfach ass. Keng einfach heiheem a keng einfach am Ausland. Eisem Land geet et wirtschaftlech net gutt, mä et geet em besser wei villen anere Länner an Europa an an der Welt. Nach ni hate mer an der Europäescher Unioun an och an der Eurozon, déi Länner also, déi den Euro als gemeinsam Währung hunn, e wirtschaftleche Réckgang vu 4% vum Bruttoinlandsprodukt a bal gradesou en héijen och hei zu Lëtzebuerg.

Et ass evident, datt Konsequenzen op d'Statsfinanzen an op den Aarbechtsmaart an esou enger Situatioun inévitabel sinn an och staark ze spiere sinn. D'Fro, déi sech der Regierung beim Budget gestallt huet, ass: Wéi reagéiert een op déi dote Kris, a wat ass dat Bescht fir eist Land no der Kris? Wëssend, datt dës Kris eng global Kris ass, also eng, déi d'ganz Welt ëmfaasst, all Wirtschaftssecteur och betrëfft. An dat ass och e groussen Ënnerscheed mat de Krisen, déi mer an der Vergaangenheet kannt hunn, déi meeschtens ee geographeschen Deel vun der Welt oder ee Wirtschaftszweig betraff hunn.

Duerfir huet natierlech an deem dote Kontext d'Budgets- a Finanzpolitik eng besonnesch Bedeitung, well et ass d'Schlësselinstrument vum politeschen Handele ganz sécher während an no der Kris.

Ech soen och an deem Kontext gären hei zum Ufank vu menger Interventioun am Numm vun der Regierung der Finanzkommissioun vum Parlament an hirem President Michel Wolter, all de Membere vun der Finanzkommissioun a besonnesch natierlech dem Budgetsrapporteur, dem honorabelen Här Lucien Thiel, villmools Merci fir déi vill Aarbecht, déi se am Bezuch op de Budget gemaach hunn, mä och déi Analys, déi se gemaach hunn an déi sécherlech wäit iwwert dat erausgeet, wat de Budget 2010 u sech eleng gefuerdert hätt. Dat ass hëllefräich. Sécherlech kann deen een oder deen anere mat deem engen oder anere Saz eng ënnerschiddlech Meenung hunn, mä et reegt un zur Diskussioun. An ech mengen, och dat ass wichteg, wa mer wëllen d'Finanz- a Budgetspolitik als Grondlag vun den anere Politiken hei am Land ugesinn, déi se ganz sécherlech an dësen Zäiten och ass.

D'Fro, déi mer eis haut hei wëlle stellen, ass déi: Wou sti mer? A wou gi mer hin? A wat fir engem Kontext steet dëse Budget fir d'Joer 2010 fir d'Regierung? An ech géif och duerfir versichen, vläicht fir d'éischt e Bléck ze werfen op d'wirtschaftlech an d'finanziell Lag, an där mer fir de Moment sinn, kucken op de Budget 2010, dee fir d'Regierung d'Äntwert op dës Kris ass, mä och versichen, e bëssen op d'Period vun dëser ganzer Legislaturperiod ze kucken.

Dëst ass deen éischte Budget, wéi Der wësst, vun där neier Regierung, déi aus de Wahle vum Summer ervirgaang ass. Wa mer d'Situatioun kucken, déi wirtschaftlech Situatioun an Europa, da stelle mer en fait fest, datt mer an deene leschte Joren, an all deene leschte Joren an der Moyenne an der Eurozon iwwer null waren. Mir haten also eng positiv Wirtschaftscroissance. An 2009 ass déi erstmaleg zënter laange Joren op e staarke Minus zréckgaangen, an d'Europäesch Kommissioun an hiren Hierschtprevisioune schwätzt vu minus 4%. D'Europäesch Kommissioun mengt och, datt 2010 an 2011 mer erëm liicht iwwer 0% wären, nämlech 0,7% fir d'nächst Joer an 1,5% fir d'Joer 2011.

Wat Lëtzebuerg ubelaangt - an do gesäit een och, datt sech déi nämlecht Tendenz erëmspigelt -: Mir haten ëmmer e positive wirtschaftleche Wuesstum, mä mir haten net nëmmen e positive wirtschaftleche Wuesstum, mir haten en extrem héije wirtschaftleche Wuesstum, an esou hate mer an der Period 2002 bis 2006 eng Croissance annuelle vu 4,2% vum Bruttoinlandsprodukt. Et goufe Joren, wou dat souguer nach driwwer war. Ech huelen nëmmen d'Joren 2006, 2007.

An dunn, wat ass geschitt? Vun 2007, wou mer nach eng Croissance hate vu 6,5%, si mer 2008 op null Prozent erof gefall. An dëst Joer gëtt dervun ausgaangen, datt mer e wirtschaftleche Réckgang vu minus 3,5% hunn. Fir d'nächst Joer mengt d'Europäesch Kommissioun, datt mer 1,1% Wuesstum hätten, an 2011 1,8%.

Elo ass a wirtschaftlech schwieregen Zäiten ëmmer d'Aschätzung vun der wirtschaftlecher Croissance schwiereg. Ech mengen awer, datt déi Chifferen, déi d'Europäesch Kommissioun virgeluecht huet, opgrond vun all deenen Informatiounen, déi eis zougänglech sinn, relativ realistesch sinn. An et sinn och déi nämlecht Chifferen, déi d'Lëtzebuerger Regierung geholl huet, wéi se de Budget fir 2010 opgestallt huet.

Mir hu gesot, datt eise Budget op enger Wirtschaftsprogressioun baséiert vun tëschent engem an annerhallwem Prozent; dat ass also en ligne mat de Previsioune vun der Europäescher Kommissioun. Déi si manner héich wéi déi, déi de Statec viru kuerzem virgestallt huet, déi eis net disponibel waren, wéi mer de Budget gemaach hunn. Ech mengen och, datt dee Modell, dee vum Statec gebraucht ginn ass, vläicht ze vill e mathemateschen, op d'Vergaangenheet opgebautene Modell ass an net alle Contrainten, déi och d'Lëtzebuerger Ekonomie betreffen, Rechnung dréit.

Fakt ass a Fakt bleift, datt mer konfrontéiert si mat engem enorm staarke Réckgang, egal, ob et 1, 1,5 oder 2% ass, well mer koumen, wéi ech et virdrun erënnert hunn, vu 6,5% op null an elo dann 2009 op ongeféier minus 3,5%.

2010 an 2011, soen all déi statistesch Ämter, geet et e bësse besser. Mä et muss ee gesinn, datt dee Wuesstum an enger historescher Perspektiv extrem schwaach ass, an och wann ee kuckt, op wat fir enge Wuesstumshypotheesen eis Budgetspolitik, mä och eis ganz Politik vun der sozialer Sécherheet opbaut, dann hate mer eis do un aner Prozentsätz gewinnt wéi déi, mat deene mer elo konfrontéiert sinn.

Frappéiere muss een d'Brutalitéit vun der Kris, wéi schnell vun engem Joer zum aneren de wirtschaftleche Réckgang ze verzeechnen ass. An zu Lëtzebuerg si mer natierlech dovunner déck betraff, well Lëtzebuerg ass logescherweis, wéinst der Klengheet vun eisem Territoire, eng ganz oppen Ekonomie. Vill vun eise Secteure liewe vum Export, sief dat vu Gidder oder vun Déngschtleeschtungen, a mir sinn natierlech vun där Kris duerfir och am selwechte Mooss betraff.

Dee schwaache Wuesstum, dee mer an Europa gesinn, Wuesstum, deen zum Deel iwwregens dohier kënnt, datt déi eenzel Länner zolidd Konjunkturprogramme maachen, also staatlech Ënnerstëtzung vun der Ekonomie ginn, dee geet net duer fir déi wuessend Aarbechtslosegkeet an Europa ze bremsen oder fir déi zolidd zréckzeféieren. Déi hëlleft, datt net nach méi Leit an d'Aarbechtslosegkeet kommen. Mä déi Situatioun, an där mer fir de Moment sinn, déi huet net an Europa derzou gefouert, datt fir de Moment d'Aarbechtslosegkeet zréckgeet.

Fir 2007 an 2008 hate mer an Europa, an der Eurozon op d'mannst, eng Aarbechtslosegkeetequot vu 7,5%, an 2011 geet d'Europäesch Kommissioun dervun aus, datt mer op 11% souguer kommen an der Eurozon. Dat ass vill, dat ass vill méi wéi zu Lëtzebuerg, wou mat ronn 7% da gerechent gëtt, mä all eenzelne Prozentsaz als eenzelne Prozentsaz reflétéiert esou vill Mënschen, déi hir Schaff verléieren, an dat kann engem net egal sinn an do muss ee kucken, wéi een do kann hëllefen deene Leit, wéi een do kann hëllefen der Ekonomie, mä datt dat och nach um Enn fir e Land finanzéierbar bleift.

Et ass richteg, datt zu Lëtzebuerg déi Kris, déi an de Chifferen zolidd ass, net iwwerall an net vu jiddwerengem gespuert gëtt. Dat ass gutt, dat ass flott fir d'Leit, déi hei am Land wunnen, an dat hänkt natierlech erëm eng Kéier mat der Dimensioun vun eisem Land zesummen, well vill vun deenen, déi bis elo hir Schaff verluer hunn, wunnen net onbedéngt bei eis, et begéint ee se also mat hirem Misär net all Dag. Vill vun deenen, déi vläicht an de Chômage komm sinn, konnten op hirer Schaff bleiwen, well mer zolidd déi Moossname konnten asetzen, déi d'Kuerzaarbecht sinn, wou de Stat finanziell deene Betriber entgéintkënnt, an och aner Moossnamen, notamment a verschiddene Secteuren, vun der fréizäiteger Pensionéierung hunn derzou gehollef, datt d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg net esou staark ass vläicht wéi an enger Rei anere Länner an Europa.

Mä déi Kris huet selbstverständlech Répercussiounen, an déi Répercussioune wäerte bleiwen op dem Aarbechtsmaart, sou wéi se och op d'Statsfinanzen zolidd Répercussiounen huet, an dat souwuel heiheem wéi an Europa.

Wann ech kucken, och do erëm eng Kéier, wéi an der Eurozon d'Evolutioun vun de Solden ass, vun deem also, wat feelt an den nationale Budgeten, fir d'Ausgaben ze tätegen op enger reng annueller Basis, da gesäit een, datt mer an deene leschte Joren an der Eurozon schonn ëmmer en negative Finanzéierungssaldo haten, mä dee war an der Moyenne ënnert deenen 3% vun dem Bruttoinlandsprodukt. 2008 zum Beispill war et minus 2%, 2007 war et minus 0,6%.

Erstmaleg awer ass 2009 och do eng brutal Verschlechterung vun der Defizitsituatioun an der Eurozon komm, nämlech datt d'Europäesch Kommissioun dëst Joer mengt, datt mer op minus 6 bis minus 6,5% Defizit an den Eurolänner kommen, an dat geet ongeféier d'selwecht déi nächst zwee Joer virun.

Dat ass eng alarmant Situatioun, well deen héijen Defizit an enger Eurozon heescht och en héijen Defizit fir fundamental Daten, déi eiser gemeinsamer Währung ënnerleien. Eis kann et net egal sinn, wéi den Defizit an d'Finanzéierung vum Defizit an anere Länner vun der Eurozon ausgesäit, well mer zesummen en Intérêt drun hunn, datt mer eng Währung hunn, déi eis Ekonomie stäerkt an déi net duerch Iwwerverscholdung finanzéiert gëtt.

Déi Tendenz vun engem klengen Defizit op e groussen Defizit ass zu Lëtzebuerg bei de Solde vun eisem Budget e bëssen anescht, well mir haten déi lescht Joren ëmmer en Iwwerschoss an eise Budgetschifferen, wann ech d'Administration publique, also alles dat, wat an Europa matenee verglach gëtt, den Zentralstat, d'Gemengen an d'Sozialversécherunge kucken.

Mir haten an der Period 2002-2006 en moyenne en Iwwerschoss vun 0,6% vum Bruttoinlandsprodukt. Et gouf nëmmen eng Ausnahm, dat war d'Joer 2004, zwee Joer. 2004, wou mer e ganz staarke Réckgang haten a wou mer en Defizit vun den öffentleche Finanze vun 1,2% vum PIB haten. Dat war also schonn eng Kéier e ganz schwierege Moment, mä deen huet sech duerno an de Joren '05, '06, '07 an '08 erëm verbessert.

Dëst Joer ass dat net de Fall. Mir schléissen of mat engem Defizit a fir d'nächst Joer - dee Budget, dee mer elo am Parlament diskutéieren - hutt Der gesinn, datt d'Regierung vun engem Defizit vu ronn 4% vum Bruttoinlandsprodukt och ausgeet. Och d'Kommissioun, d'Europäesch Kommissioun gesäit deen Defizit opgrond vun deene Berechnungen, déi si gemaach huet, an ähnlecher Héicht.

Och do ass d'Tendenz déi, déi ee muss feststellen: Vun enger positiver Situatioun an all deene Jore virdrun, mat Ausnahm vum Joer 2004, si mer op eemol an eng Defizitsituatioun gerutscht, déi en plus no deenen aktuelle Berechnunge fir d'Joer 2010 iwwert deenen 3% vun de Kritäre vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunioun leien.

Natierlech muss een dat, wann een d'Situatioun vun de Statsfinanze kuckt, an engem méi breede Kontext kucken. Den Defizit ass een Aspekt, et ginn awer och nach aner Aspekter, déi ee muss kucken, an dat ass sécherlech ënner anerem d'Schold an d'Reserven, mat deenen een eventuell Defiziter ka finanzéieren.

D'Schold an der Europäescher Unioun, déi amgaange war méi kleng ze ginn, wiisst erëm zolidd. An der Eurozon wäerte mer elo op 70 respektiv 80% vum Bruttoinlandsprodukt als öffentlech Schold kommen. Dat ass extrem héich. Erënnert lech och do, datt am Fong an der europäescher Währungsunioun een net dierf iwwer 60% vum Bruttoinlandsprodukt kommen. Mir sinn also an der Eurozon wäit doriwwer ewech.

Zu Lëtzebuerg, opgrond vun där Finanzpolitik, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, si mer wäit ewech vun deene 60%. Mir hunn haut e Scholdestand vu ronn 15%, deen an deenen nächste Jore wäert klammen, dee fir d'Joer 2010 klëmmt - an deene Chifferen, déi mer lech virgeluecht hunn - op eppes siwe Milliarden, ronn 19% vum Bruttoinlandsprodukt.

Woubäi een zu Lëtzebuerg muss bei deene siwe Milliarden, wat historesch vill ass, awer ëmmerhi bedenken, datt dovunner ronn 5%, also zwou Milliarden, hierkommen aus der Rekapitalisatioun vun enger systemescher Bank zu Lëtzebuerg. Dat sinn also keng Scholden, déi mer definitiv ausginn hunn, mä déi mer dee Moment, wou mer aus deem Kapital

erausginn, och wäerte récupéréieren. Sou datt een am Fong vun enger Schold vun eppes fënnef bis sechs Milliarden, wann ech dat ofrechnen, kann ausgoen.

Nach ass d'Schold eppes, wat een an enger laangfristeger Perspektiv muss gesinn. Eng Schold vun 10 oder 20% ass akzeptabel. An engem klenge Raum ass sécherlech eng Schold vu 60% net akzeptabel. Duerfir, dat, wat an Europa an a groussen Ekonomië kann e Kritär sinn, ka keen zu Lëtzebuerg sinn, aus deem ganz einfache Grond, datt mer net genuch Moyenen hunn, fir enges Daags eng zolidd Schold zréckzebezuelen.

Duerfir kann ee sécherlech iwwer eng gewëssen Zäit och eng gewësse Schold maachen, mä Schold maachen heescht ëmmer, datt een enges Daags muss déi rembourséieren, a Schold rembourséieren heescht en fait, datt een déi Suen iergendwou muss fannen. An deene meeschte Länner féiert dat zu engem gewëssene Moment zu zolitte Steiererhéijungen.

Or, zolidd Steiererhéijungen, déi mussen déi bezuelen, déi no eis kommen. Zolidd Steiererhéijunge schueden der Ekonomie a schueden der Kafkraaft vun de Leit, well d'Betriber ginn net an déi Länner, wou d'Steieren héich sinn, an do, wou d'Leit héich Steiere musse bezuelen, hu se keng Kafkraaft. Also ass dat ëmmer eng Solutioun, déi nëmme ka ganz um Enn vun allen anere Méiglechkeete stoen.

Fir eis, fir d'Regierung ass eng substanziell Verscholdung och iwwert déi nächst Jore keng Alternativ. Datt een eng gewësse Schold muss maachen, grad och fir d'Joer 2010, schéngt eis normal, besonnesch wann een domadder Investissementer finanzéiert. Wann ee Schold iwwer eng laang Zäit mécht, da gesäit een an deene Länner, déi dat gemaach hunn - an et sinn der no bei eis, déi dat gemaach hunn -, datt déi enorm vill vun hiren normale Budgetsmëttele gebrauche mussen, fir d'Schold ze rembourséieren, fir d'Zënslaascht ze bezuelen. Si hunn also domadder manner Suen, fir aner Aktivitéiten ze tätege respektiv fir d'Kapital ze rembourséieren.

Eis Schold wäert eropgoen, wäert e bëssen eropgoen, mä mir wäerte se net eropgoe loossen zu engem Niveau, wou de Remboursement an de Finanzement vun den Zënsen irresponsabel wär, an duerfir musse mer wäit ewech bleiwe vun deene 60%, déi an Europa erlaabt ginn.

Ech wëll och e Wuert hei soen iwwert d'Reserven. Zënter Jore gëtt gesot, dat nächst Joer si keng Reserve méi do. An et ass richteg, datt besonnesch a Krisenzäiten an an Defizitzäiten d'Reserve musse gebraucht ginn, fir den Defizit ze finanzéieren.

Fakt ass awer, datt mer déi Reserven hunn, datt mer déi Reserven och an deene Jore '06, '07, '08 zousätzlech constituéiert hunn. Dat heescht en fait, d'Iwwerschëss bei den Einnahmen, déi net am Budget am Ufank virgesi waren, hu mer op d'Säit gesat, hu mer an déi eenzel Investitiounsfonge gesat, mat deene mer d'Investissementer finanzéieren.

Mir haten 2004, wéi déi lescht Regierung ugefaangen huet, eng Reserv vun 1,9 Milliarden; dat sinn also d'Avoirë vun de Fongen. Mir hu fir de Moment eng Reserv vu ronn zwou Milliarden; dat heescht also, déi nämlecht Zomm nach ëmmer. Dat sinn net fräi disponibel Suen, mä dat sinn déi Suen, déi Der an deenen eenzelne Fonge fannt fir de Finanzement vun deenen Infrastrukturprojeten, déi mer an der Chamber diskutéieren oder diskutéiert hunn, an déi amgaange sinn, exekutéiert ze ginn.

Déi Zomm muss ee gesi par rapport zum Defizit, dee mer hunn. Déi Zomm déngt derzou, den Defizit, besonnesch do, wou mer Investitiounstätegkeete maachen, ze finanzéieren. Dat ass net eng Zomm vu Suen, mat där ee ka jorelaang liewen, mä si erlaabt eis, notamment fir d'Joer 2010, déi Finanzementer ze tätegen, déi mer proposéieren, kombinéiert mat engem Emprunt, deem seng Héicht een eréischt kann am Laf vum Joer definitiv fixéieren, wann ee gesäit, wéi d'genee Situatioun evoluéiert.

Duerfir freet d'Regierung vun der Chamber jo eng Autorisatioun fir en Emprunt. Genee wéi vill, wäerte mer am Laf vum Joer definéieren an dann och mat der Finanzkommissioun vum Parlament selbstverständlech doriwwer diskutéieren.

D'Situatioun vun de Statsfinanze fir d'Joer 2010 muss een natierlech am Liicht gesi vun deem, wat fir de Moment amgaangen ass ze geschéien. Ech hunn lech gesot, wéi mer d'wirtschaftlech Situatioun gesinn, déi Brutalitéit an deem Réckgang vum Wuesstum. Ech hunn lech nach eng Kéier rappeléiert, wéi de Gesamtsaldo vun de Statsfinanzen an der Eurozon an zu Lëtzebuerg ausgesäit.

Ech géif och gären hei e kuerzt Wuert soen iwwert d'Joer 2009, wat geschwë sengem Enn zougeet, quitte datt mer déi definitiv Budgetschifferen natierlech eréischt am Mäerz d'nächst Joer hunn, well eng ganz Rei Payementer, déi op de Budget 2009 lafen, bis de Mäerz d'nächst Joer kënne getätegt ginn.

Ech géif wëlle bei de Steieren d'Chamber driwwer informéieren, wéi déi leschte Recettë sinn, dat heescht also, d'Recettë bis Enn November. Mir si jo elo e puer Deeg nom Enn vum November. Do gesäit een och déi Tendenzen, déi mer an der Finanzkommissioun vum Parlament och an deene leschte Woche gesinn hunn.

Bei der Kierperschaftssteier leie mer relativ en ligne mat deem, wat mer am Budget fir d'Joer 2009 virgesinn haten. Mä bei der Kierperschaftssteier, wou mer fir de Moment ronn 1,2 Milliarden erakritt hunn - am Budget stoungen 1,4 Milliarden -, do muss een ëmmer berücksichtegen, datt d'Steierverwaltung natierlech déi Jore virdru besteiert an ni deen Exercice, an deem mer selwer sinn, besteiert gëtt; also keng richteg Indikatioun iwwert d'Gesondheet vun der Wirtschaft.

Bei der Gehältersteier, do hu mer fir de Moment ronn 6% manner erakritt wéi beim nämlechten Zäitraum vum Joer 2008. Ech muss allerdéngs do drun erënneren, datt fir d'Joer 2009 jo eng Steierreduktioun, eng Steierreform a Kraaft getrueden ass, an duerfir hate mer och fir dat Joer, fir dëst Joer also, scho manner am Budget virgesinn. Mir wäerte bei där Steier, wou mer also e Réckgang hu par rapport zur nämlechter Zäit 2008, awer plus ou moins, esou wéi een dat haut ka gesinn, op dee Chiffer kommen, dee mer am Budget stoen hunn.

An dann, wat déi gréissten indirekt Steier ubelaangt, nämlech d'TVA, d'netto TVA, déi, déi also an de Statsbudget kënnt, stelle mer fir de Moment e Réckgang par rapport zum leschte Joer an der nämlechter Period vu 4% fest. Dat ass en fait déi Steier, déi ganz no un der wirtschaftlecher Entwécklung hänkt. Déi Steier ass par rapport zu deem, wéi et d'lescht Joer gelaf ass, an enger Situatioun, déi net wäit vun där leschter läit. Allerdéngs, wat do vill méi frappant ass, dat ass, datt déi Croissance vun der TVA, déi mer tëschent dem Joer 2007 an 2008 haten, an déi mer gemengt hunn och 2009 ze kréien, datt déi net komm ass.

Mir haten am Budget 2009, esou wéi d'Chamber e gestëmmt huet, bei der TVA 2,2 Milliarden ageschriwwen; mir hunn der fir de Moment 1,7 Milliarden erakritt. Och wann am Dezember elo nach eng Rei Millioune bäikommen, dann ass et evident, datt op der TVA, par rapport zu deem, wat mer am Budget haten, e gréissert Lach bestoe bleift vun e puer honnert Milliounen. An dat ass selbstverständlech, well déi Croissance, déi déi Jore virdru war, a wou mer 2008 hei am Parlament gesot kritt hunn, datt mer d'TVA vill ze vill niddreg agesat hätten, hu mer se 2009 méi héich agesat, an déi war visiblement no der Kris ze héich.

D'Resultat vun 2009 wäert, wat déi gesamt öffentlech Finanzen ubelaangt, eng Situatioun sinn, déi mat engem Defizit ofschléisst. En Defizit, deen héchstwahrscheinlech méi niddreg ass wéi déi minus 2,3%, déi mer am September pronostiquéiert hunn. Mä dat heescht a Chifferen ausgedréckt, um Niveau vun der Administration publique wäert et tëschent minus 1 an 1,5% leien, bei der Administration centrale, do, wou de Stat also zoustänneg ass, wäerte mer bei ronn minus 2,8% leien.

Dat heescht, der Administration centrale feelt ronn eng Milliard Euro fir d'Joer 2009. An et ass déi Milliard, déi mer mussen iwwert d'Reserve finanzéieren. Eng Milliard; et sinn also ronn Chiffere mat Previsiounen, déi ee fir de Moment ka maachen, wat d'Administration centrale betrëfft. Um Niveau vun der Administration publique wären dat da ronn minus 400, 500 Milliounen. Wéi gesot, dat si provisoresch Chifferen, déi awer, mengen ech, wichteg sinn, datt ee se kuckt.

Net Rechnung droend oder net direkt iwwerdroend ass dat natierlech op d'Joer 2010, well d'Joer 2010 an d'Joer 2011, an dat gëtt oft vergiess, do besteiert jo d'Steierverwaltung dann déi Jore vun der Kris. Dat heescht, d'Kris an de Steieren an notamment bei der Kierperschaftssteier spiert een natierlech méi déi Joren duerno wéi am Joer selwer. Bei der TVA ass dat e bëssen anescht.

Et kënnt derbäi, an do kommen ech herno drop zréck, datt mir selbstverständlech zu Lëtzebuerg eng ganz grouss Volatilitéit vun eise Recetten hunn. An dat gesäit ee jo och duerch déi oppen Ekonomie an déi Secteure vun der Ekonomie, déi mer hunn.

De Constat ass also, datt mer eng ugespaante Finanzsituatioun hunn, an deem Sënn, datt mer no 2004 fir d'éischte Kéier fir dëst Joer en Defizit hunn an datt mer fir d'Joer 2010 mat engem nach vill méi héijen Defizit musse rechnen.

Elo ass dann d'Fro fir d'Regierung gewiescht fir de Budget 2010, wëssend, datt deen Defizit géif kommen: „Wéi gi mer mat deem Budget vum Joer 2010 ëm?" An duerfir war den Appel vu villen, och heibannen: „Da muss een direkt spueren." An anerer hu gesot: „Wann ee Betrib net genuch Suen huet, da muss e spueren."

Nu kann e Betrib op Moossnamen zréckgräifen, déi e Stat net an deem Mooss ka maachen. E Betrib, dee kann eng Rei Käschte reduzéieren, vläicht heiansdo mécht en et richteg, vläicht heiansdo ze vill séier oder ze vill brutal. De Stat huet eng ganz Rei Obligatiounen, op déi en net ka vun haut op muer, ouni dramatesch Konsequenze fir déi Leit an déi Betriber, déi dat betrëfft, zréckkommen.

Och hëlleft de Stat de Betriber, an duerfir wär eng brutal Spuerpolitik während der Kris an den Ae vun der Regierung falsch gewiescht. Och mir hätte selbstverständlech kënnen d'Investissementer massiv zréckféieren a mir hätten och eng Rei aner Moossname kënnen huelen. Déi hätten an eisen Aen den Defizit zwar reduzéiert, mä et wär keng Äntwert op d'Kris gewiescht.

De Budget 2010 ass fir d'Regierung en Antikrisebudget, e Budget, deen eng Äntwert op d'Kris sicht, deen eng Äntwert op d'Kris an eisen Aen och fënnt. Duerfir hu mer d'Dépensen op engem héijen Niveau gelooss, op engem Niveau, deen awer besonnesch héich ass do, wou mer d'Ekonomie ënnerstëtzen, an do, wou mer Solidaritéit mat deenen, déi ënnert der Kris leiden, kënne weisen.

Mir hunn natierlech gekuckt, éier mer ugefaangen hunn, wéi d'Recettë géifen dat nächst Joer evoluéieren. Ech hunn lech virdru gesot, datt d'Aschätzung selbstverständlech schwiereg ass. An Dir hutt gesinn, bei der TVA, a liest Är eege Budgetsrieden no, wéi deemools, 2008, d'Aschätzung vun der TVA heibanne behandelt ginn ass.

Mir musse feststellen, oder mir mengen, datt d'Recetten d'nächst Joer net op deem nämlechten Niveau bleiwen, besonnesch net wat d'Kierperschaftssteier ubelaangt a wat d'Taxe d'abonnement ubelaangt. Duerfir hu mer am Budget fir d'nächst Joer d'Recetten ëm 8% méi niddreg agesat wéi am Budget 2009, insbesondere wat d'Kierperschaftssteier, d'TVA an d'Taxe d'abonnement ubelaangt, wou mer all Kéiers 15% manner agesat hu wéi am Budget 2009. Ech mengen net, datt dat iwwerméisseg virsiichteg wär, mä datt dat einfach d'international Finanzsituatioun reflétéiert.

Ech soen nach eng Kéier: Eis Recetten hunn dat als Besonnescht, datt mer eng extrem volatile Recettësituatioun hunn. Huelt nëmmen déi Taxe d'abonnement, déi d'Fonge bezuelen. Déi hänkt un dem Boursëgeschäft, op dat Lëtzebuerg, d'Chamber, d'Regierung, d'Lëtzebuerger allgemeng absolut keng Influenz hunn, wat awer an eise Budget a gudde Jore 700, 800 Milliounen erabruecht huet, wou mer fir d'nächst Joer mat 550 Milliounen nëmmen an de Budget agesat hunn.

Datselwecht gëllt fir aner Aktivitéiten, och bei der TVA, wou Finanzdéngschtleeschtungen och TVA erabréngen, awer och de Commerce électronique, deen och international natierlech seng Geschäfter mécht, wou villes matspillt, niewent der Reglementatioun och déi international Wirtschaftssituatioun. An dorobber hu mer keen Afloss, mä mir liewen awer largement dovunner.

Datselwecht gëllt fir d'Accisen an den Tubak. Och do muss een ëmmer erëm drop hiweisen, wéi vill eist Land och aus deem Secteur kritt. Dat ass also och net duerfir e Secteur, deen ee kann aus dem A verléieren. Mir wäerten am Joer 2009, also am lafende Joer, eleng duerch d'Accisen um Bensin an um Diesel 800 Milliounen erakréien, an iwwert d'Recettë vum Tubak ronn 500 Milliounen. Dat heescht, Accisen an Tubak bréngen an de Statsbudget am lafende Joer an och no eise Previsiounen am nächste Joer ronn 1,3 Milliarden Euro eran. Et muss een déi Chifferen am Kapp hunn, och wann een Zukunftspolitik an Zukunftsdépensen diskutéiert.

Déi Volatilitéit vun deene Recetten ass eng wichteg. An duerfir, mengen ech och, wär et gutt, wa mer och an deenen Debatten an den nächste Wochen eis géife mat deene Chifferen auserneesetzen.

Mir hunn op der Dépensësäit - hunn ech gesot - besonnesch d'Investitiounsausgaben op engem héijen Niveau gehalen. Déi Investitiounsausgaben d'nächst Joer belafe sech op 1,8 Milliarden Euro. Dat ass eng Croissance vu ronn 11%. Och do hätt

Chamber TV
och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un

ee kënne vläicht méi a méi zolidd spueren. Mä an der Kris hu mer dat als falsch emfonnt.

Ech soen awer direkt derbäi: Ech sinn der Meenung, datt d'Investitiounsausgaben zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren ze vill schnell geklomme sinn. An et muss een oppassen, och wann een e Konjunkturpak mécht, wann een en Antikrisepak mécht, datt een net ze vill eng Ofhängegkeet vun de Betriber un d'staatlech Dépensë mécht.

Et ginn ze vill Betriber haut, déi sech zu engem ganz groussen Deel finanzéieren aus den öffentleche Konjunkturprogrammer. Dat ass en allgemenge Problem an Europa, an d'Gefor ass, datt nom Konjunkturprogramm ze vill Betriber vun der öffentlecher Hand ofhängeg sinn. An duerfir ass dat och eng Diskussioun, déi mer an Europa konnte kucken, wéi mer aus de Strategien do erauskommen. Well wann de Stat alles muss finanzéieren, féiert dat natierlech zu massive Steiererhéijungen, déi d'europäesch Ekonomie - dat ass net nëmmen e Lëtzebuerger Problem - massiv wäerte schwächen.

Well Verschiddener mengen, datt dee Saz, deen ech virdru gesot hunn, net verständlech war, iwwert d'Croissance vun den Dépenses d'investissement: Et muss ee kucken, wou mer hierkomm sinn. Also d'nächst Joer gi mer op 1,9 Milliarden. Dat ass eng gewollte Politik vun der Regierung duerch de Konjunkturprogramm.

Mä mir waren am Joer 2004, also am Ufank vun där leschter Legislaturperiod, eréischt bei 1,2 Milliarden. Mir hunn also eleng iwwer eng Legislaturperiod eisen Investitiounsbudget vun 1,2 op 1,9 Milliarde gehéicht. Dat ass also eng enorm Croissance, déi gutt war fir d'Infrastrukturen zu Lëtzebuerg, déi gutt war fir d'Ekonomie, mä déi een net à la longue ka mat där nämlechter Croissance weiderféieren, ouni d'Statsfinanzen an domadder och d'Leit, déi hei am Land wunnen a schaffen a Steiere bezuelen, ze vill ze belaaschten.

Mir wollten och an der Kris net d'Bäihëllefe fir d'Betriber reduzéieren. Mir gi vill Milliounen an deenen eenzelne Secteuren - Ekonomie, Mëttelstand, Tourismus, Agrikultur - un déi eenzel Betriber. Mir hu gemengt, datt dat gutt wär, datt d'Betriber och an der Kris géifen ënnerstëtzt ginn, wa se investéieren. Duerfir hu mer och déi Montanten am Budget 2010 bäibehalen.

Mir wollten och an der Kris d'Zäit no der Kris weiderentwéckelen. Duerfir menge mer och, datt de ganze Beräich vun der öffentlecher Fuerschung weider muss vum Stat ënnerstëtzt ginn. Mir hunn dat virun enger Rei Joren ugefaangen an dat geet och am Budget 2010 weider.

Dat sinn Ausgaben, wou een net direkt d'Resultat gesäit, well Fuerschung ass ëmmer laangfristeg ugeluecht. Mir kommen d'nächst Joer op en öffentlechen Deel vun der Fuerschung am PIB vun 0,58%. Um Ufank vun där leschter Legislaturperiod ware mer bei 0,27%. Also d'Evolutioun vun 0,27 op 0,58%, ronn 200 Millioune sinn dat haut, beweist, a wéi eng Richtung d'Regierung do wëllt goen, fir d'Zukunft ze preparéieren.

Natierlech an der Kris - an och dat erkläert de Budgetsdefizit vun 2010, och dat erkläert, firwat d'Ausgaben am Budget 2010 zolidd klammen - hu mer de Volet vun der Solidaritéit, besonnesch mat deenen, déi hir Schaff verléieren, misse massiv ënnerstëtzen, och do missen déck zréckgräifen op déi Iwwereinnahmen, déi mer aus deene Jore virdrun haten. Dat ass insbesondere de Fall beim Fonds pour l'Emploi, deem seng Dépensen iwwert déi lescht Jore substanziell geklomme sinn.

A wann ech nëmmen d'Joer 2008 kucken, hate mer Dépensen am Fonds pour l'Emploi vun 380 Milliounen. Dëst Joer wäerte mer der vu 520 Millioune kréien, an d'nächst Joer 580 Milliounen. Dat sinn also eleng op deem Fong 200 Millioune méi vun Dépensen, déi eis noutwendeg schéngen, fir deene Leit ze hëllefen hir Schaff net ze verléiere respektiv déi, déi hir verluer hunn, erëm eng ze fanne respektiv ze iwwerbrécken déi Zäit, wou se keng Schaff hunn.

De Fonds pour l'Emploi awer wär largement net ze finanzéiere gewiescht, wa mer net aus deenen Iwwerschëss vun deene Jore virdru substanziell Dotatioune

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)
•
Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
•
An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
•
An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

während dem Exercice dem Fonds pour l'Emploi zouginn hätten.

Mir hunn eleng an deene leschte 24 Méint 300 Milliounen zousätzlech Dotatiounen un de Fonds pour l'Emploi gemaach. Suen, déi mer ewechgeholl hunn aus Steiereinnahmen, fir datt dee Fong à tout moment voll kënnt sengen Obligatiounen nokommen. An dat schéngt eis och noutwendeg an der Kris. An déi Kris ass selbstverständlech nach laang eng Kris, wann een d'Ziffere vun der Aarbechtslosegkeet an Europa an zu Lëtzebuerg kuckt.

Mir mussen also feststellen, datt mer eng ganz Rei vun Dépensen hunn, déi klammen aus deene Grënn, déi ech genannt hunn, am Budget 2010; Investitiounen, Investissementer an d'Zukunft wéi d'Recherche a Sozialausgaben, déi eis noutwendeg schéngen an der Kris. An op där anerer Säit si mer konfrontéiert mat enger Situatioun, wou d'Recetten zréckginn, wou se héchstwahrscheinlech an deenen nächste Joren nach méi zréckginn, well mer dann notamment bei der Kierperschaftssteier d'Situatioun vun der Kris nach méi spieren. An dorauser entsteet natierlech eng Differenz, déi et heescht ze finanzéieren.

Déi Differenz muss een och kucken am Kontext natierlech vun den ekonomeschen Erausfuerderungen, déi sech do derbäi nach ëm eist Land stellen. D'Situatioun vun eise Banken ass vum Budgetsrapporteur hei laang diskutéiert ginn a verlaangt duerfir och net nach eng weider breet Ausféierung. Sauf fir ze soen, datt dat selbstverständlech e Geschäft ass, wat vu ganz villen internationalen Ëmstänn ofhänkt, a wat mir net eleng kënnen eis op dee Pilier, deen de wichtegste Pilier vun eiser Ekonomie en terme de recettes fiscales ass a bleift, an deen d'voll Ënnerstëtzung vun der Regierung fënnt, mä wou eng ganz Rei Ëmstänn sinn, déi an enger oppener Ekonomie net eleng vun der Lëtzebuerger Regierung ofhänken.

An deene leschte fënnef Joer sinn an deem Secteur 12.000 nei Aarbechtsplaze bäikomm. Elo ginn eng Rei Aarbechtsplazen do ofgebaut a Restrukturéierungen. Et muss een awer nach ëmmer gesinn, datt d'Croissance vun deenen Aarbechtsplazen an deene leschte Jore grouss war. Mä déi Croissance war esou grouss, datt ech net mengen, datt déi sech widderhëlt.

Derbäi kommen eng Rei europäesch Diskussiounen, och déi, déi mer gëschter erëm am Conseil vun de Finanzministere gefouert hunn, déi selbstverständlech wäerten eng Inzidenz op verschidden Aktivitéiten hunn, woubäi ech net allerdéngs d'Meenung vum Budgetsrapporteur deelen iwwert d'Importenz, déi just d'Bankgeheimnis fir de Private banking zu Lëtzebuerg huet.

Ech mengen, an dat ass d'Positioun vun der Regierung, déi mer och explizéiert hunn, datt dat e wichtegt Element ass, mä datt dat et net nëmme ka sinn, well ech mengen, datt d'Aktivitéit vun der Finanzplaz eng méi breet ass an datt och et ganz schwiereg ass, anzeschätze bei deem eenzelne Client, wéi wichteg dat Element ass.

Datt et en Element ass, wat d'Ënnerstëtzung vun der Regierung fënnt, ass eng Saach; datt et en Element ass, wat vu 25 Memberstaten an der Europäescher Unioun net gedeelt gëtt, ass selbstverständlech och e Punkt, deen een hei net däerf aus dem A verléieren.

Déi Diskussiounen, déi mer gëschter am ECOFIN-Conseil, am Conseil vun de Finanzministere vun der Europäescher Unioun gefouert hunn, hu ganz däitlech gemaach, datt déi aner Memberstate vun der Europäescher Unioun net gewëllt sinn, op eng sachlech Diskussioun mat eis iwwer eng Rei vu Géigepropositiounen oder -argumenter anzegoen. Déi Texter, déi vun der Europäescher Kommissioun komm sinn, an déi och an deenen eenzelnen Aarbechtsgruppen diskutéiert gi sinn, fannen d'Zoustëmmung vu 25 Memberstaten, mä fannen net d'Zoustëmmung vun zwee Memberstaten.

Mir mengen, datt deenen Ännerungen, déi Lëtzebuerg ënnerholl huet an deene leschte Joren - d'Aféierung vun enger europäescher Quellesteier, d'Aféierung vun dem Informatiounsaustausch op Ufro no OECD-Modell nom G20 -, an deenen europäeschen Diskussiounen och misst Rechnung gedroe ginn. Dat ass fir de Moment an eisen Aen net genuch de Fall. A mir hunn d'Impressioun, datt fir eng Rei Länner dësen Débat net dierf mat all sengen Implikatioune gefouert ginn.

Dat bleift fir Lëtzebuerg e schwéieren Débat. Well eng permanent defensiv Haltung vun engem Land ass selbstverständlech och en Element vun Onsécherheet fir d'Clienten, déi ëmmer erëm gesinn, datt déi Diskussiounen do net zu engem Enn kommen, a sech d'Fro stellen: Wéi geet dat Ganzt da weider?

D'Fro ass also net nëmmen: Si mer fir oder géint d'Bankgeheimnis? - wouriwwer et an dësem Parlament e breede Konsensus gëtt. D'Fro ass: Wat kënnen d'Répercussioune vun där Haltung laangfristeg si fir eist Land a fir déi Finanzplaz, wann all déi aner dee System kee gudde System fannen?

An där Situatioun si mer am Fong zënter méi wéi zéng Joer. Erënnert Iech un d'Diskussiounen am Joer 2000. Mä déi Diskussioune sinn net ofgeschloss, a mir wäerten nach weider an Diskussioune mam Parlament déi um europäesche Plang aktiv suivéieren.

Mä domadder hänkt awer och zesummen - egal wéi wichteg dat Element am Private banking ass, an doriwwer kann ee selbstverständlech verschidden Hypotheese maachen -, et ass en Element an et beweist och, datt ee muss an der Aschätzung vun den Einnahmen, déi aus dem Finanzsecteur kommen, och eng Rei Fragezeeche mat am Kapp hunn, an net einfach soen: Déi Croissance vun de Recettë geet automatesch déi nächst Joren, wéi an deene leschten zéng Joer, erop.

Ech mengen, datt eis Finanzplaz eng zolidd international diversifizéiert Finanzplaz ass. Mä et muss ee gesinn, datt onofhängeg vun der Fro ronderëm d'Bankgeheimnis et eng ganz staark Tendenz an Europa gëtt, fir déi national Finanzzentren erëm méi ze stäerken, an domadder och ze kucken, datt déi grenziwwerschreidend Finanzaktivitéite manner wichteg ginn.

Vu datt eis Finanzplaz virun allem vu grenziwwerschreidende Finanzdéngschtleeschtunge lieft, ass dat eng Tendenz, déi mer mat enger gewëssener Suerg gesinn. Déi gesi mer och an enger Rei vun Décisioune vun der Europäescher Kommissioun, déi d'Auslandsgeschäft fir eng Rei Banke wëllt empêchéieren, well se dat als ze vill risikoräich ugesäit.

Mir mussen och duerfir zu Lëtzebuerg, niewent dem Encouragement vu Formatioun, niewent dem Encouragement vun enger méi sophistiquéierter Berodung vun enger internationaler Kliantell, kucken, datt mer zousätzlech Aktivitéiten op Lëtzebuerg kréien. Net Aktivitéiten, déi alles aneschters kënnen ersetzen, mä déi sech un déi Panoplie vun Déngschtleeschtungen a Produkter, déi mer haut schonn hunn, derbäisetzen.

Beispiller sinn och hei an der Ried vun dem honorabelen Här Thiel genannt ginn, wéi d'Mikrofinanz, d'Philanthropie, de Finanzement vun Ekotechnologien. Mä alles dat ersetzt net déi traditionell Aktivitéite vun der Fongenindustrie a vum Private banking, et ergänzt se. Et mécht d'Palette méi breet, gradesou wéi eng héich sophistiquéiert, spezialiséiert Bourse a Clearing-Institutiounen, déi och d'Ënnerstëtzung vun der Regierung wäerte weider fannen.

Mä mir mussen och kucken als Regierung, datt mer op neie Marchéen nei Clientë kréien. Duerfir ass och déi kloer Démarche vum Wirtschaftsminister a vu mir selwer, fir ëmmer erëm ze versichen, net nëmmen eist Land bekannt ze maachen an deenen traditionelle Marchéen, wou mer sinn, mä och nei Dieren opzemaachen, sief et an de Golfstaten, sief et an Asien, sief et a Latäinamerika, wou mer manner haut bekannt sinn, wéi dat vläicht soll sinn. Duerfir wäerte mer do eis Efforten och an deenen nächste Méint a Jore redoubléieren.

D'Finanzplaz bleift wichteg, a mir mussen zugläich d'Diversifikatioun vun der Ekonomie weiderdreiwen. Dat eent ass net op d'Käschte vun deem aneren. Mir brauchen eng diversifizéiert staark Finanzplaz. Mir brauchen eng diversifizéiert Ekonomie. Dat ass méi liicht gesot wéi gemaach.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Mä mir musse kucken, datt mir déi Atouten, déi mer haten, erëm eng Kéier an d'éischt Rei setzen. Mir musse séier Décisioune kënnen zu Lëtzebuerg huelen. Mir dierfen net méi komplizéiert si wéi eis Noperen. Mir musse bei den Normen net Normen asetzen, déi dräimol déi si vun eisen dräi Noperen oder d'Additioun vun den Norme vun eisen Noperen.

A mir musse konkurrenzfäeg bleiwen. Dozou gehéiert och d'Steierpolitik, well déi Iddi, déi ee kann hunn, fir d'Steiere vun de Betriber ze héijen, ass eng Iddi, déi engem sympathesch ka sinn, déi funktionéiert awer an enger reeller Ekonomie net. A wann d'Regierung an der Regierungserklärung gesot huet, datt se héchstwahrscheinlech d'Betribsbesteierung muss senken, dann ass dat net, well se mengt, se hätt ze vill Suen, mä mir hunn eis ëmmer orientéiert un der Moyenne vun den OECD-Staten.

Dat bleift och an Zukunft d'Linn vun der Regierung. Well wa mir Steieren hunn zu Lëtzebuerg, déi vill méi héich si wéi déi vun eisen Nopeschlänner, a wa mer wëlle Betriber am Ausland unzéien, datt déi heihinner schaffe kommen an hei produzéiere kommen, da kucken déi natierlech op eng Rei Elementer.

D'Steiere sinn eent dovunner. Duerfir mussen d'Steieren zu Lëtzebuerg fir d'Betriber an och fir d'Leit, déi do schaffe selbstverständlech, konkurrenzfäeg bleiwen, dat heescht en ligne bleiwe mat deenen aneren Ekonomien, mat deene mer a Konkurrenz sinn. An dat sinn nämlech d'Ekonomië vun der OECD.

Mir hunn also 2010 en Antikrisebudget gemaach. Mir akzeptéiere fir 2010 en Defizit. Mä dat, wat mer 2010 maachen - wëll ech ganz kloer an däitlech hei am Parlament soen -, dat kann een net dräi- oder véiermol hannerenee maachen.

Dach, dat kann ee maachen, mä da kritt een eng Schold, déi ee sécherlech net méi zréckbezuele kann. Da kann een zwar soen: Dat muss d'Generatioun vun eise Kanner maachen. Mä ech mengen, dat wär irresponsabel. Ech mengen net, datt een dat heibanne wëllt. An et kéint een och an eng Situatioun kommen, wou mer ganz vill Schwieregkeete géife kréien, fir iwwerhaapt nach op engem gewëssene Moment Sue geléint ze kréien.

Et ginn nun eemol Fäll an Europa, an der Welt, déi bewisen hunn, a wéi eng Situatioun ee ganz séier ka kommen. Dir wéi ech liest, wat geschitt ass an Island. Mir gesinn, wat geschitt ass a verschiddene baltesche Staten. Mir gesinn, wat fir eng schwiereg Situatioun eis Kolleegen aus Griichenland hunn, wat och gëschter um Finanzministerconseil natierlech e wichtegt Thema war, erëm eng Kéier, well mer jo all zesummen an enger Währungsunioun sinn.

Mir wëllen net an déi dote Situatioun kommen. Mir si wäit vun där Situatioun ewech. Mä mir hunn d'Verantwortung, datt mer net dohinner kommen. Duerfir gëllt et an deene Joren 2011 bis 2014, wann ech dës Legislaturperiod kucken, fir eng Rei Ännerungen ze maachen, fir en Zil ze erreechen, wat mer eis an der Regierungserklärung ginn hunn.

An der Regierungserklärung steet ganz kloer, datt mer gäre gesond Statsfinanzen hätten. An zu de gesonde Statsfinanze gehéiert en ausgeglachene Budget. Wann dat e Joer net de Fall ass, ass dat net dramatesch. Wann een dat besonnesch mat Reserve ka finanzéieren iwwer fënnef Joer, kann een dat net maachen; besonnesch och, wann een ëmmer erëm muss bedenken d'Volatilitéit vun eisen Einnahmen.

Wann et esou wär, datt all d'Betriber zu Lëtzebuerg géifen och déi nächst Jore ganz vill Steiere bezuelen, da wär dat kee Problem. Mir sinn der Meenung, datt een do muss ganz virsiichteg sinn, wëssend, mat wat fir engen Erausfuerderunge mer konfrontéiert sinn.

Och do huet d'Regierung kloer Faarf bekannt, wéi se dat wëllt maachen. An der Regierungserklärung, déi vum Statsminister hei virgedroe ginn ass, stinn - souwuel am franséische wéi am lëtzebuergeschen Text - déi dräi Pisten, wat och déi normal Piste sinn, un deenen ee muss schaffen:

- Dat sinn d'Fonctionnementskäschten; wat allerdéngs e Begrëff ass, wat vill méi ass wéi just deen normale Fonctionnement vum Stat. An der Definitioun Fonctionnementskäschte sinn och eng ganz Rei Ausgaben, déi de Stat mécht, déi och an d'Ekonomie fléissen.

- Mir musse kucken, datt d'Investitiounsausgaben op engem héijen Niveau bleiwen. Mä déi kënnen net all Joer nach eng Kéier méi héich ginn, well dat ass net ze finanzéieren.

- A mir musse bei de Sozialausgabe kucken, datt mer déi op eng sozial gerecht a finanzéierbar Aart a Weis och an Zukunft kënnen tätegen.

Mir sinn - an dat ass ganz kloer, an ech mengen, och doriwwer wär Konsensus an dësem Parlament - fir e staarke Sozialstat. Mä d'Definitioun vun deem Sozialstat ass vläicht net fir jiddwereen déiselwecht. Fir mech ass de Sozialstat e Stat, deen de Mënschen hëlleft, verschiddener vun hiren Ziler, verschiddener vun hiren Objektiver ze erreechen, déi se eleng net oder nëmme schwéier kënnen erreechen.

Mä et ass net e Stat, dee fir alles a fir all Aktivitéit a fir all Iddi vun de Leit onbedéngt muss an allen Ëmstänn och intervenéieren. De Stat ass kee Kleeschen an de Stat ass och keng Kaskoversécherung. Mä de Stat huet eng grouss a wichteg Aufgab, dat ass déi och vun der Solidaritéit.

(Interruption)

Här President, ech mengen, den Här Lux wëllt eng Fro stellen.

(Interruption)

Ah.

M. le Président.- Fuert virun, Här Minister!

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- De Sozialstat ass also de Stat, deen de Gedanke vun der Solidaritéit muss staark ënnerstëtzen. Solidaritéit vis-à-vis vun deene Leit, déi keng Schaff hunn oder déi riskéieren hir Schaff ze verléieren; Solidaritéit vis-à-vis vun deenen, déi an der Krankheet sinn; Solidaritéit vis-à-vis vun deenen, déi en Handicap hunn; Solidaritéit vis-à-vis vun deenen, déi e Wunnengs-

problem hunn, an ech kéint d'Lëscht weiderfueren. Leit, déi net mat hiren eegene Mëttele kënnen eng Rei vun Ziler erreechen, déi d'Gesellschaft, a mir vertrieden déi Gesellschaft heibannen als Deputéierten, als noutwendeg fënnt.

Zum Sozialstat gehéiert och an zur Verwierklechung vun den Ziler gehéiert och, datt ee kuckt, datt mer d'Familljen, déi hei am Land mat Kanner wunnen, och ënnerstëtzen, datt se kënne fir hir Kanner eng Zukunft virbereeden, déi würdeg a liewenswäert ass.

Mä dee Sozialstat kann net reng an der Theorie entstoen. Ech ka mer an engem Sozialstat nach honnertdausend interessant Iddië virstellen. De Sozialstat ass nëmmen en zolitte Sozialstat, soulaang en och finanzéierbar ass a bleift. E Sozialstat, dee just an der Theorie fonctionnéiert, mä deen herno muss duerch massiv Scholde finanzéiert ginn, kann net fonctionnéieren, an och net duerch eng substanziell Augmentatioun vun de Steieren. Dat hu mer an der Vergaangenheet ni gemaach a mir sollten dat och an der Zukunft net maachen, well do gesi mer notamment an de skandinavesche Länner, wat fir eng Kurskorrekturen déi hu misse viru Joren an deem dote Kontext maachen.

Fir eis ass och net all Ëmbau oder Reform am Sozialstat e Sozialofbau. Et kann een e Sozialstat hunn an et kann ee Moossnamen hunn, déi an engem gewëssene Moment agefouert gi sinn, déi een duerno diskutéiert a fënnt, datt ee se kann ëmschichten op aner sozial Ausgaben. An duerfir muss ee besonnesch an enger schwiereger Finanzéierungszäit, wou et méi einfach wier, einfach ze soen, mir loossen alles lafen, mengen ech, de Courage hunn, iwwer verschidden Ausgaben ze diskutéieren an ze kucken, ob se noutwendeg sinn, ob se an hirer ganzer Dimensioun noutwendeg sinn, oder ob ee se net kann anescht oder fir aner Zwecker cibléieren.

Kommt, mir diskutéieren am Liicht vun enger dach substanziell international changéierter Finanzsituatioun. De luese Wirtschaftswuesstum fir déi nächst Joren an d'Volatilitéit vun de Steieren an natierlech d'Schwieregkeete vun der europäescher Ekonomie verlaange sécherlech déi eng oder déi aner Ännerung, mä déi steet net a Kontradiktioun an eisen Aen zu engem staarke Sozialstat.

Mir brauchen eng gutt funktionéierend Ekonomie, mir musse Rahmebedéngungen hunn, datt international Betriber heihinner kommen, a mir musse kucken, datt de Sozialstat finanzéierbar bleift.

(Interruption)

Mir mussen dat op eng Fassong maachen, déi an eisem Land eng Traditioun huet. An et ass duerfir, wou mer mengen, datt déi Diskussioun muss gefouert ginn iwwer eng gewëssen Zäit an datt déi Diskussioun muss gefouert gi mat all deenen, déi am Land Verantwortung hunn.

Do steet d'Regierung an enger wichteger Plaz, mä selbstverständlech ass dat eng wichteg Roll vum Parlament an ass dat eng wichteg Roll vun de Sozialpartner. An duerfir ass d'Regierung gewëllt, am Laf vum nächste Joer déi Diskussiounen ze féieren, fir ze konsultéieren, ze dialogéieren iwwert d'Ziler an iwwer Weeër dohinner.

Et bréngt näischt, fir dat ze maachen op eng Fassong, wou ee vun uewen erof eppes diktéiert. Zu eisem Stat, an och dat gehéiert zu deem Stat, dee mer zesummen hei opgebaut hunn, gehéiert en Dialog, gehéiert eng Konsultatioun, och eng Ausenanersetzung mat verschiddenen Iddien. Ech mengen och, datt do déi Parlamentsdebatte kënnen hëllefen, well d'Stäerkt vun enger Demokratie läit an ënnerschiddleche Meenungen, déi een deen anere soll dra respektéieren.

Mir hunn eis e klore Kalenner ginn. De Budget 2010 ass en Antikrisebudget, an iwwert déi Joren duerno musse mer konform zu den europäeschen Diskussioune kucken, wéi mer aus dem Defizit erauskommen. Déi sougenannten „exit strategies" - wat e grousst Wuert ass, fir am Fong de Bon sens ze beschreiwen - sinn, wéi ee graduell iwwert déi nächst Joren an Europa, an duerfir och heiheem, aus dem Defizit erauskënnt a wéi een évitéiert, datt d'Verschëldung vun de Staten an Europa klëmmt.

Ech soen nach eng Kéier, d'Verscholdung spiert een net direkt. Keen, deen an der Groussgaass spadséiert, spiert, wann de Stat Schold huet. Mä déi, déi a Joren duerch d'Groussgaass oder d'Uelzechtstrooss spadséieren, déi spieren et, wa se mussen déi Schold zréckbezuelen.

Et ass eis Verantwortung haut, och wann et méi einfach wär, Schold ze maachen, fir ze évitéieren, datt déi, déi no eis kommen, net vun esou enger gudder Finanzsituatioun kënne profitéieren, wéi déi, déi mir geierft hunn an déi mir an deene leschten zéng Joer gemaach hunn.

Här President, de Budget 2010 ass e Budget, deen eng zolidd Äntwert op d'weltwäit Wirtschaftskris gëtt, eng zolidd Äntwert op d'Répercussioune vun där Wirtschaftskris heiheem. Et ass en Antikrisebudget, et ass e Budget, dee gewollt d'Ekonomie an d'Leit hei am Land ënnerstëtzt.

Et ass en Antikrisebudget, deen deenen hëlleft, déi hir Schaff riskéieren ze verléieren oder verluer hunn, datt déi notamment duerch héich Ausgabe vum Fonds pour l'Emploi zolidd ënnert d'Äerm gegraff kréien. Dat ass de Gedanke vun der Solidaritéit, dee fir eis noutwendeg ass.

En ënnerstëtzt d'Kafkraaft vun de Leit, well mir hunn d'Steiersituatioun net geännert fir d'Joer 2010, well mer net wollten do eng Brems an de Konsum an an d'Investitioun vun de Privatleit aleeën. En ënnerstëtzt d'Betriber duerch héich Investitiounen an och do duerch e Status quo bei der Steierlaascht.

Dësen Antikrisebudget kënne mer, wéi gesot, finanzéieren duerch Reserven an duerch eng zousätzlech Schold, déi mer wäerten d'nächst Joer ophuelen. Mä d'Zil vun der Budgetspolitik, vun der Finanzpolitik vun der Regierung bleift mëttelfristeg gesond Statsfinanzen, esou wéi dat an der Regierungserklärung steet, déi vun dësem Parlament ugeholl ginn ass. Net héich Schold an net héijen Defizit kënnen eis Linn sinn, well si maachen d'Liewen an deenen nächste Jore vun deenen, déi dann hei liewen, extrem schwéier.

Mir brauchen also als Objektiv ausgeglache Statsfinanzen - mëttelfristeg -, a mir brauchen als Objektiv en Ëmfeld, wou d'Betriber och an Zukunft op Lëtzebuerg kommen, wou och d'Betriber an Zukunft zu Lëtzebuerg Aarbechtsplaze schafen, wou Kompetitivitéit par rapport zu aneren Ekonomien och besteet, an domadder finanzéiere mer e staarke Sozialstat, bei deem de Gedanke vun der Solidaritéit, de Gedanke vun der Hëllef fir déi, déi et am meeschte brauchen, muss am Vierdergrond stoen. Net e Sozialstat, deen alles mécht, wat en herno net ka finanzéieren.

Duerfir wëlle mer am Dialog - ech soen lech et nach eng Kéier - mat der Chamber, am Dialog mat de Sozialpartner an och de Leit hei am Land - well déi hunn och eng Meenung zu där Fro, déi wëssen och, wat et heescht, wann ee manner erakritt an dann ee Moment muss manner ausginn -, mat all deene wëlle mer d'Zil vun eise mëttelfristeg ausgeglachene Statsfinanzen erreechen.

(Interruption)

Do, wou de Konsensus méiglech ass, siche mer en a begréisse mer en. Do awer, wou de Reformwëllen oder den Diskussionswëlle guer net besteet, schéngt et eis noutwendeg, datt mer dann eis Verantwortung als Regierung iwwerhuelen. Et geet dorëm, d'Dépensen ze iwwerkucken; et geet dorëm, d'Recetten ze iwwerkucken. An do, mengen ech, muss een ouni Tabu an ouni Ideologie eng Rei Diskussioune féieren.

Spueren nëmme bei deenen anere kann net d'Léisung sinn. Steieren, ouni d'international Konkurrenzfaegkeet a Fro ze stellen, ze diskutéieren, ass selbstverständlech. Dat hu mer och an deenen aneren, an deene leschte Jore gemaach. Dat muss och an dëser Debatt noutwendeg sinn.

Sommaire des séances publiques N°s 8, 9, 10 et 11

5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale pages 102-104

6082 - Débat d'orientation au sujet de la 15e Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur le changement climatique (UNFCCC) à Copenhague pages 104-117

6079 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État pages 117-122

Ordre du jour page 122

Intervention de M. Xavier Bettel concernant l'annonce du retrait du rôle des affaires du projet de loi 6054 par M. le Ministre François Biltgen dans les médias page 123

Communications page 123

6086 - Proposition de loi concernant des mesures à prendre contre les licenciements économiques abusifs page 123

Ordre du jour page 123

6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget pages 123-127

- Exposé de M. Luc Frieden, Ministre des Finances pages 136-140

6019 - Projet de loi relatif à la mise à niveau des annexes A, B et C du Palais de la Cour de justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg pages 127-128

6043 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison des Sciences humaines à Belval pages 128-130

6061 - Projet de loi relative à la construction de la deuxième phase du Laboratoire National de Santé à Dudelange pages 130-131

5823 - Projet de loi sur les permissions de voirie et modifiant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes pages 131-134

Question avec débat N°4 de M. Jean Huss au sujet de la lutte antitabac de 2006 pages 134-135

Mir musse béid Säite vum Budget am Liicht vun der internationaler Finanzsituatioun kucken.

Mä mir mussen och d'Reformen, ouni Klassekampf an ouni ee géint deen aneren auszespillen, féieren, well et soss, mengen ech, net an där Aart a Weis ka virugoen, wéi mer dat an der Vergaangenheet fäerdeg bruecht hunn, an ech sinn dovun iwwerzeegt, datt mer dat fäerdeg bréngen.

Et geet schlussendlech an dëser Debatt net ëm abstrakt Chifferen. Et geet ëm Chifferen, déi eppes ze doen hu mat eisem Land a mat deene Leit, déi hei am Land wunnen. Et geet net ëm déi nächst Wahlen. Et geet ëm de laangfristege Succès vun eisem Land. Et geet ëm d'Qualitéit, ëm d'Liewensqualitéit hei am Land, an dozou gehéieren, fir déi ze erreechen, och gesond Statsfinanzen.

Et geet also via d'Finanzpolitik - an duerfir freeën ech mech op déi Debatten, déi an dësem Parlament an deenen nächsten Deeg, mä virun allem och am nächste Joer stattfannen, an och dobaussen, well och déi Debatte si wichteg - dorëm, eng Gesellschaft ze schafen, an där et engersäits eng grouss Solidaritéit gëtt a wou anerersäits Aarbechtsplazen duerch gutt Kaderbedéngungen och an Zukunft geschafe ginn.

Fir dat, wat eis charakteriséiert a verbënnt, fir dat awer och, wat eis Virgänger opgebaut hunn, a verännerte Konditiounen ze erhalen, duerfir musse mer, ob mer et wëllen oder net, eng Rei Ännerunge virhuelen. Wien haut stoe bleift, fält muer zréck.

De Budget 2010, fir deem seng Zoustëmmung ech hei am Numm vun der Regierung bei der Chamber plädéieren, well et eng Äntwert ass op d'Kris, gëtt eis d'Zäit, fir an deem Krisejoer 2010 Reforme fir no der Kris konstruktiv, hoffen ech, ze diskutéieren, well d'Zäit no der Kris wäert sécherlech e bëssen anescht si wéi d'Zäit virun der Kris. Wien déi Meenung net deelt, deen, mengen ech, sollt et soen, an och, firwat e mengt, datt d'Situatioun vu virun der Kris géif liicht an Europa an heiheem erëmkommen. Mir mengen, datt eng Réi Ännerungen noutwendeg sinn an datt mer net kënne jorelaang mat defizitäre Budgete fueren.

Am Fong ass eis Aufgab schwiereg, an trotzdeem muss ee Respekt hu virum Courage, virun der Wäitsiicht vun deenen, déi virun eis Krise géréiert hunn. A mir sollen eis un hinnen e Virbild huelen: Déi, déi nom Zweete Weltkrich eist Land an eis Ekonomie erëm opgebaut hunn, an déi, déi no der Stolkris eist Land a seng Wirtschaft diversifizéiert hunn, iwwerall do fanne mer Elementer vun Äntwerten, déi eis och an dëser Kris wäerten hëllefräich sinn.

Ech wënsche mer op jidde Fall als Finanzminister en zukunftsorientéiert, reformfäegt, attraktiivt Land, fir kënnen ze liewen a fir ze schaffen, an d'Finanzpolitik spillt do natierlech an deem doten Zil eng éischt Gei.

Mä nëmmen, wa mer eis zesummesetzen, wa mer zesummen iwwert déi eenzel Pisten do diskutéieren, zesumme fir d'éischt awer och iwwert d'Objektiver vun eisem Stat a vun eiser Finanzpolitik diskutéieren, ouni Tabu an ouni ideologesch Scheiklappen, ech mengen, da géife mer och mat klengen Ännerunge Grousses kënnen erreechen an och mat engem neien Élan eist Land op d'Zukunft kënne virbereeden.

Virun eis läit eng grouss Aufgab. De Budget 2010 setzt éischt Jalonen dovunner als Äntwert op d'Kris, mä et kënnt och eng Zäit no der Kris, a wa mer déi richteg upaken, dann ass et mer net baang ëm d'Zukunft vun eisem Land. Mä mir brauchen en neien Élan, fir deen d'Finanzpolitik wäert hire wesentleche Bäitrag leeschten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech ginn dem Finanzminister Akt vu senger Deklaratioun. D'Debatten iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2010 fänken d'nächst Woch en Dënschdeg un.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 8. an den 9. Dezember.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.33 heures)